

# den domaine du moulin neuf



Haut Samschdes de 17. Februar 2017 sinn d´Fëscher vum Fly Fishing Club Lëtzebuerger op Boismont a Frankräich gefuer fir um domaine du moulin neuf d´Geeschter vum Wanter ze verdreiwen. Boismont ass schonn zanter Joren déi éischten Destinatioun déi mir zum Optakt vum Joer usteieren an nodeems mir dëst Joer nawell ee strenge Wanter hate war et laang Zäit guer net sécher op eis éischt Sortie iwwerhaapt kéint stattfannen, esou wousst de Gerant vum Site eis ze beriichten dass de Weier während engem ganze Mount zougefruer war.

Ewell Haut och nach zousätzlech Fues Samschde war, hat den Äender dovunner profitéiert fir sech ze verkleeden an hat domadder d´Lacher op senger Säit, mee och all déi aner Fëscher, déi zwar net verkleet waren an awer beschtens gelaunt, ware frou dass et endlech erëm lass gaangen ass an hunn den éischte Fëscherdag a vollen Zich genoss. Mir haten et fir den Optakt dann och direkt gutt mam Wieder erwëscht, de ganzen Dag iwwer war et dreschen an d´Sonn ass och hei an do luese komm. Et haten eng zwanzeg Fëscher de Wee op Boismont fonnt.





Ewéi mir bei de Weier bäi gefuer si stoung den Äender schonn am Alaf a war am Gaangen ee Fësch ze drillen, net dass dat esou verwonnerlech wär, ass den Äender dach ëmmer Ee vun den Éischten déi Moies de Wee bei d´Waasser fannen, a Fësch drille mécht Hien och ëmmer, Nee mir ware frou doriwwer den Äender erëm gesond a monter bei senger léifste Beschäftegung erëm ze gesinn. Niewent Him hat och de Luca, eise Junior, ugefaangen. Och dat huet eis besonnesch gefreet ewell mir ëmmer erëm frou si wann mir eis Passioun och kënne mat jonke Fëscher deelen a selbstverständlech probéiere mir och hei eist Wëssen un déi nächste Generatioun weider ze ginn. Hien war zesumme mam Raym ugetrueden, Sie Zwee sinn ee gutt Team an et ass och dem Raym säi Verdéngscht dass de Luca esou passionéiert dobäi ass, hellt Hien de Luca dach iwwerall mat an bréngt Hien ze guer all Freiden an eis Bannkure wou de Luca sech an Tëschenzäit och zu engem ganz fangerfäerdege Méckenbënner entwéckelt huet an eis ëmmer erëm a Staune versetzt mat senge schéinen, selwer gebonnen, Mécken.









De Weier zu Boismont war Haut esou kloer wei mir ee bis elo nach net gesinn haten an dofir huet den Albert direkt dovunner profitéiert fir Nymphe a vue ze fëschen. Esou konnt Hien nawell vill Fësch fänke woubäi Hien awer haaptsächlech kléng Saiblinge mat senge verschiddene Musteren iwwerlëschte konnt.




Et war allgemeng ganz schwéier fir Fësch ze fänken, de Streamer ass un sech iwwerhaapt net fäengeg gewiescht an egal mat ewéi enge Faarwen, Musteren oder Gréissten ee probéiert huet, konnt een Haut fir ee mol d´Fësch net dozou verleeden de Streamer ze huelen. Ech hat dee meeschte Succès mat engem orange Blobby deen ech lues..... awer ganz lues iwwert de Fong tricotéiert hunn an esou konnt ech dunn awer ee puer schéi Fësch fänken.














Géint eelef Auer ass dunn de Jeek an de Robert ukomm mat der Zopp am Gepäck. Begleet goufe Sie vun eisem neiste Member, dem Mr. Winston, dem Jeek säin neie véierbeenege Frënn a wat soll ech soen, ech mengen do hunn Zwee sech fonnt an dat schéint ze passe wei d´Fauscht op d´A, de Mr. Winston war zwar nach ee bësse schéi mee ech si mir sécher dass Hien et beim Jeek gutt erwëscht huet. De Jeek huet eis net nëmme mat senger wonnerbarer Zopp verwinnt, Nee fir d´éischt huet Hien eis ee mol Glühwäin zerwéiert a fir dat Ganzt ofzerënnen hat dem Äender seng gutt Halschent, d´Marie – Paule, als Dessert Fueskichelcher matbruecht esou dass mir ronderëm verwinnt waren an, Oh Wonner, eis Mëttespaus esou richteg genoss hunn. D´Stëmmung ënnert de Fëscher war formidabel mee mir haten eis jo awer och vill ze verzielen nodeems mir eis säit der leschter Sortie op Brouennes net méi gesinn haten.









Mëttes hunn dunn déi meeschte Fëscher et nach eng Kéier opgeholl mat de Fësch och wann dat mat gutt gesiedegtem Gemitt natierlech vill méi gemittlech ofgelaf ass, och dunn sinn net vill Fësch gefaange gi mee dat war de Fëscher méi oder wéineger egal ware Sie dach gutt versuergt an hunn den Dag ganz gemächlech ausklénge gelooss. Eisen Optakt an d´Fëscherjoer war ganz gelongen a wann et esou weider geet ass bestëmmt keen ënnert eise Fëscher deen sech doriwwer beschwéiert. Et hätten zwar ee puer Fësch méi kéinte gefaange gi mee dat war awer dat Eenzegt dat nach verbesserungsfäeg ass, fir der Rescht........ nëmme weider esou.









